# Deontologie-Code soll als eenzelt Gesetz spillen

Vum Sascha Georges (Radio) | Update: 17.10.2019 09:44 | 2 Commentaire(n)

**Invité vun der Redaktioun: Emile Eicher**




*En Donneschdeg de Moie war de Syvicol-President eisen Invité vun der Redaktioun..*

**En Donneschdeg de Moie war de Syvicol-President eisen Invité vun der Redaktioun.**

En Deontologie-Code fir Gemengegewielten ass néideg. Dat huet déi sougenannte Gaardenhäischen-Affaire gewisen.

Sou den Emile Eicher vum Gemengesyndikat Syvicol, am RTL-Interview. En Text fir esou e Code läit och prett.

An deem och Sanktioune mat juristeschen Demarchë virgesi sinn. En ass awer nach net ëmgesat, well en eréischt mam neie Gemengegesetz soll kommen.

Den neie Pacte Logement gëtt den Ament och ausgeschafft. Gutt Usätz sinn, datt kleng a mëttelgrouss Gemengen a Saache Gestioun gehollef kréien. Och datt méi analytesch gekuckt gëtt, wat nach u Bauterrain a Wunnengen disponibel ass. D'Gemenge sollen och selwer Projete subventionéieren. Do mussen si awer finanziell Ënnerstëtzung vum Staat kréien, ënnersträicht de Syvicol-President.

D'Retarde vun de PAGen dann. 15 Joer ass een hei schonn amgaangen. An där Zäit koumen ëmmer nees nei Prozedure bäi, et ass immens komplex an deier fir d'Gemengen. Dat ka bis iwwert 1 Millioun Euro goen. Déi ganz Demarche misst entschlaakt ginn, sou d'Fuerderung vum Syvicol-President Emile Eicher.


## AM MEESCHTE GELIES

1 Zeienopruff
Bancomat vun der Post zu Miersch gouf gesprengt

2 "Et ass elo dat oder näischt"
Jean-Claude Juncker a Boris Johnson annoncéiere Brexit-Deal

3 Dag 2 - Staatsvisitt zu Lëtzebuerg
Belsch Kinnigin an Ierfgroussherzogin zu Gaascht um Belval

4 Duebele Mord
Et gesäit ëmmer méi schlecht aus fir den Haaptugekloten

5 #Gaardenhaischen
Nei Elementer erhéijen den Drock op de Roberto Traversini